Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentaresch Fro n°3993 vun den honorablen Deputéierten Jeff Engelen an Roy Reding

Ad. 1

Den Ament besteet keng Obligatioun fir eng Privatpersoun fir sech impfen ze loossen.

Ad. 2

De Patron huet eng Obligatioun fir d'Gesondheet an d'Secherheet vu sengen Salariéën an allen Aspekter vun der Aarbecht ze garantéieren sou wéi dat och am Artikel L. 312-1 vum Aarbechtsgesetzbuch festgehaal ass. Fir dat ze garantéieren muss de Patron a sengem Betrib all Mesure huelen fir senger Obligatioun nozekommen.

Par contre, eng Obligatioun fir d'Salariéën fir sech impfen ze loossen, besteet aktuell net. De Salarié muss awer all aaner Mesure, déi vum Patron virgeschriwwen ass, respektéieren an suivéieren fir seng eegen Gesondheet an och déi vu sengen Mataarbechter net a Gefor ze brengen.

Ad. 3

Neen, et gin keng Differenzen tëscht deenen ënnerscheedlechen Aarbechtssektore gemaach.